N°2069
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1905 vum 6. Februar 2025 huet de Finanzminister allgemeng Aussoen iwwert d'Behandlung vu méigleche Cum-Ex-Fäll gemaach. Allerdéngs feelen an dëser Äntwert wichteg Detailer a quantitativ Donnéeën, déi néideg sinn, fir d'Ausmooss vun dëse Praktiken zu Lëtzebuerg anzeuerdnen an d'Effizienz vun de staatleche Moossnamen ze bewäerten.

An der Äntwert gëtt erwäänt, dass d'Steierverwaltung "verschidde Verdachtsfäll" un d'Justizautoritéiten iwwermëttelt huet an dass bei Feststelle vu Verstéiss Ufroen op Réckerstattung vun der Quellesteier ofgeleent ginn. Fir d'parlamentaresch Kontroll ze garantéieren an en transparenten Abléck an d'Situatioun ze kréien, sinn awer méi präzis Informatiounen néideg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ufroen op Réckerstattung vun der Quellesteier am Kader vum sougenannte Schachtelprivileeg sinn an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg agereecht ginn, opgeschlësselt no Joer?

2. Wéi vill vun dësen Ufroe sinn ofgeleent ginn a wéi vill Fäll sinn un d'Justizautoritéite weidergeleet ginn, opgeschlësselt no Joer?

3. Wéi héich ass de Gesamtmontant vun den ofgeleente Réckerstattungen, opgeschlësselt no Joer?

4. Wéi vill Personal ass bei der Steierverwaltung spezifesch agestallt, fir méiglech Cum-Ex-Transaktioune kontrolléieren?

5. Wat fir konkret Prozeduren a Mechanismen huet d'Steierverwaltung ageriicht, fir Cum-Ex-Geschäfter präventiv ze erkennen a systematesch ze kontrolléieren?

6. Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéiten an dësem Beräich quantitativ aus? Wéi vill Informatiounsufroe vun auslänneschen Autoritéiten huet Lëtzebuerg pro Joer kritt a beäntwert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten